ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 20/09/2022

Rapport vun der … Kommissioun

Presenzen

Present	Net present
Marie Sadler	Jill Duschinger
Patrick Lucas	Lynn Mangen
Patrick Cincis	Nathalie Simon
Tessy Arend	Miguel Moreira Cardoso

Rapport vum Ordre du jour Jugendkommissioun 15.09.2022

1. Feed-Back Open-Air Kino:

   Feedbacker waeren all positif. Mir soen jidderengem Merci deen kucken komm ass. Merci och dem Här Buergermeeschter fir seng léif Wierder a sengem positifen Feed-back.

   Mir, vun der Jugendkomissioun, hun et ganz flott fonnt esou een Open-Air Kino ze organiséiren a wieren och erem motivéiert fir d'naechst Joer esou een Open-Air Kino ze organiséiren, wann d'Gemeng domat averstaanen ass, well et awer eng grouss Budgetsfro ass.

   Mir haaten geduecht et och naechst Joer de Weekend vum 21ten, 22ten an 23ten Juli ze maachen, um Campus vun der Schoul esou wéi dest Joer. Mir haalen Havé-Film bäi, well et huet alles gutt geklappt. Et waer eng ganz flott Plaaz, mat vill Charme fir esou een Evénement. Dàuerzäiten waeren och gutt fir d'Kanner, déi géifen mir och bäibehaalen.

Helperknapp, 20/09/2022

Mir haaten awer d'Idee fir d'naechst Joer vläit nach anner Veräiner mat eran ze huelen fir ze grillen, dest dann och um Flyer ze präziséiren. Desweideren géifen mir Flyer'en net nemmen an der Gemeng Helperknapp ausdroen, mee och kucken dat Nopeschgemengen (Sell, Miersch, Bissen,...) informéiert ginn. Hei haaten mir d'Idee fir Flyer'en op der Tankstell, beim Bäcker, Coiffeur ze droen.

Freides géifen mir erem de Kannerfilm weisen, op Däitsch. Jugend resp. Familjenfilm Samsdes a Sonndes awer erem an der Originalversioun.

An der Keess waeren no deenen 3 Owender (Fond de caisse ofgerechent): 1164€

Wier et do méiglech een Détail vun der Consommatioun vum Gedrémks ze kréien? Wéivill nach iwwreg waer a wat zeréck gaangen ass?

Mir, als Jugendkomissioun, wollten léif froen op d'Gemeng nach eenmol beréed wier d'Käschten vun engem Open-Air Kino ze droen?

2. Kürbisfest:

Kürbisfest lescht Joer waer richteg flott a mir haaten och Succès a wollten dat dest Joer och nach eenmol widderhuelen. Just wéillten mir dest Joer an Koll goen an net zu Beschdref an d'Scheier.

Vun Datum hier hu mir geduecht entweder Samsdes den 22ten Oktober oder Sonndes den 23ten Oktober. Start wier um 14h00. Opriichten géifen mir moies virdrun.

Wéini geet et ierch am Beschten? D'Marie an Tessy können den 22ten Oktober net. Soot mir (Tessy) weg esou schnell wéi méiglech bescheed.

Ass den 22ten an 23ten Oktober Koll fräi? A kéinten mir déi huelen fir eist Kürbisfest an Schnitzereien?

Helperknapp, 20/09/2022

Wann dat alles fest ass, können mir de Flyer vum leschten Joer adaptéiren an dann an der Woch vum 3ten Okotber eraus ginn. Mir déelen de Flyer an der Schoul aus a froen och dest Joer 5€ Participatioun/Kand.

Mir hun och dest Joer d'Idee fir Kaffi a Kuch unzebidden.Mir wollten fir de Kuch 1€ froen.

Huet Gemeng grouss Kaffisthermokaanen? A kéinten mir déi geléint kréien?

Wier d'Gemeng och erem beréed eis Gedrénks ze stellen, sou wéi lescht Joer? Dierfen mir Schnitzerset'er bestellen fir de Kürbis ze schnitzen?

Mir froen och erem Descheldicher bei der Lalaux Assurance a bestellen beim Jeanny Nelissen vun Recken/Miersch 80 Kürbissen (50 oranger an 30 wäisser)

Dat annert Material hu mir nach vum leschten Joer.

3. 25ten September organiséiert Emweltkomissioun hieren Tour du Duerf. Et geet mam Velo iwwert zwee Wéer duerch Dierfer vun der Gemeng; duerch de Besch (15km) oder iwwert Strooss (26km)

   Ween matmaachen wöll, sollsech weg ganz schnell mellen, dann mellen mir eis all zesummen un.

Nächst Versammlung: virum Kürbisfest fir die lescht Détailer nach ze klären. Den Datum gett festgeluecht soubal mir wessen wéini Kürbisfest ass.